ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. September 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, un den Här Justizminister (respektiv d'Madame Justizminister a.i.) an un d'Madame Minister fir Integratioun weiderzeleeden.

Eng grouss Zuel vu Leit huelen d'Lëtzebuerger Nationalitéit un. A ville Länner ginn déi nei Staatsbierger duerch en offizielle staatleche Geste oder/an am Kader vun enger Zeremonie an hirer neier Natioun empfaangen, sief et duerch en offiziellt a feierlecht Schreiwes, en Erënnerungsdokument, eng Vereedegung, e Cadeau, eng offiziell Iwwerreechung vun hirem neie Pass oder eppes anescht, dat der Bedeitung vum Evenement entsprécht.

Zu Lëtzebuerg organiséiert de Staat menges Wëssens näischt Gläichwäerteges. Verschidde Gemenge schreiwen deenen neie Lëtzebuerger léif Bréiwer oder organiséieren eng Receptioun, mee dëst bleift de Gemengen iwwerlooss.

An dësem Kontext wolllt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung der Meenung, datt d'Unhuele vun der Nationalitéit et verdéngt, duerch e besonnesche Geste geéiert ze ginn?
2. Well d'Staatsbiergerschaft an der staatlecher an net an enger kommunaler Kompetenz läit, wär et dann net un der Regierung, fir esou eng Wierdegung ze organiséieren?
3. Wéi eng Form wëll d'Regierung eventuell esou enger Wierdegung ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742